

Succès fir Lëtzeburger Firma

Apateq patentéiert Technik fir Waasser vum Ueleg ze trennen

D'Firma Apateq huet eng nei Opbereedungstechnik entwéckelt, fir datt d'Waasser an der Pétroindustrie ka recycléiert ginn.

Leschten Update: 18.02.2014, 13:51:53

3 Commentaire(n)

 E-Mail schécken Printen Recommend 5 Tweet 3 +1

Links

AUDIO: Succès fir Apateq - De Reportage vum Nathalie Majeres.

Themen

Technologie

Lëtzebuerg

Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

Haut Dës Woch Lescht Woch

1. Lëtzeburger Police enquêtéiert: Fraeläich an der Musel bei Stadbriedemes
2. Kee Wanter a Siicht: D'Fréijoer steet virun der Dier
3. Däitsch Etude: Lëtzeburger gi gär an d'Groussregioun akafen
4. Staugefor: D'Areler A6 ass e Mëttwoch deels fir 4 Stonne gespaart
5. 112: D'Noutnummer gëtt et schonn zanter 21 Joer hei am Land



© Apateq

D'leescht Joer am Abrëll huet sech d'Firma Apateq op der Kalchesbréck installéiert. D'Firma huet sech dora spezialiséiert fir d'Ofwaasser vun den Industrië vun all méigleche Chemikalien ze botzen. Zanter kuerzem huet Apateq och eng nei Opbereedungstechnik entwéckelt, fir datt d'Waasser an der Pétroindustrie ka recycléiert ginn.

Zil ass et fir d'Waasser nees ouni Problem an d'Ëmwelt oder an eng Kläranlag ofzeginn. D'Techniken déi bis ewell um Maart sinn, hunn nach Schwieregkeeten d'Grenzwärter, déi vun der Industrie gefuerdert ginn, z'erreechen.

Bis ewell hu well vill Entreprise versicht d'Waasser ze behandelen, ma den Erfolleg war geréng. Dacks sinn d'Käschten extrem héich. D'Firma benotzt awer lo déi Technik, déi bis ewell nach als problematesch gegollet huet, sou den Ulrich Baeuerle, techneschen Direkter vun Apateq a Papp vun der neier Technik.

Bis elo goufen et Problemer mat der Membran déi d'Waasser vum Ueleg trennt, wat mat sech bruecht huet, dass d'Maschinn während Wochen oder Méint blockéiert war.

No villen Tester konnt awer lo eng Technik entwéckelt ginn, fir datt d'Maschinn ka roueg lafen.

Dat wier och de groussen Ënnerschied am Verglach zu deenen aneren Techniken. Fir ee groussen europäesche Pétroproduzent gouf och lo eng Anlag gebaut, déi an den nächste Woche getest gëtt.



« Zréck



Weider »

D'Entreprise, déi 12 Mataarbechter zielt, gesäit a Lëtzebuerg och den ideale Standuert, sou de Bogdan Serban, Direkter vun Apateq. D'Pëtrolsindustrie wier extrem politiséiert. E Produit "Made In Luxembourg" géing awer als "neutral" ugesi ginn a Lëtzebuerg wier an där Industrie weltwäit acceptéiert.

Apateq huet och schonn zwee Patenter ugefrot. An de nächste Woche gëtt déi nei Technologie méi genee ënnert d'Lupp geholl. An enger éischter Phase muss bewise ginn, datt dat Ganzt fonctionnéiert, an den éischte Resultater no wier dat och kee Problem. Duerno muss d'Technologie och op laang Dauer iwwerliewen a sech de gefrote Standarde vun der Pëtrolsindustrie upassen.

Um Enn vum Joer hofft Apateq déi nei Technologie kënnen definitiv um Marché z'implantéieren.